



Ee vun den zentralen Aspekter vun der LOLF ass d'permanent Evaluatioun vun de Politiken, déi de Stat respektiv den öffentleche Secteur insgesamt ëmsetzen. Ouni eng systematesch, dat heescht eng permanent, concomitant Evaluatioun vun eiser Politik ass et quasi net méiglech, eng Ausso ze maachen iwwert d'Effizienz an d'Effikassitéit vun eise politeschen a budgetären Handelen.

Wéi mer wëssen, huet de Stat an der Zukunft enorm finanziell Laaschten ze droen. Da muss eisen alleréischten Objektiv natierlech dee sinn, fir méiglechst effikass mat deene Moyenen ëmzegoen, déi mer zur Verfügung hunn. A fir ze wëssen, ob een effikass schafft, ob ee seng Suen optimal ausgëtt, ob d'Ziler, wou ee sech an der Politik gesat huet, mam minimalen Opwand erreecht ginn, muss ee seng Politik kontinuéierlech a permanent evaluéieren. Dat ass eng Haaptsuerg vun der franséischer LOLF.

Wat déi franséisch LOLF an ähnlech Modeller aus anere Länner eis léieren, ass, dass mer sollen ufänken, eis Politik insgesamt méi systematesch ze hannerfroen an ze iwwerpräiwen, ze evaluéieren also, fir op Dauer eis finanziell Ressourcë besser anzesetzen. Dozou gehéiert natierlech och, dass ee seng politesch Objektiv kloe formuliert a wa méiglech och quantifizéiert a sech déi néideg Indicateure gëtt, fir ze iwwerpräiwen, ob déi gesaten Ziler erreecht goufen a mat wat fir engem Opwand.

Déi Instrumenter muss ee sech natierlech an enger éischer Phas ginn. Dat ass opwändeg a komplizéiert, mä noutwendeg, wann een d'Statsfinanzen an Zukunft wëllt am Équilibre halen, ouni un d'Leeschungen an un d'Missioun vum Stat schneiden ze goen.

Domat gëtt de Budget also net méi an enger Logik vu Moyenen opgestallt, mä an enger Logik vu Resultater. Wann ech hei vu LOLF a vun der Moderniséierung vun eiser Budgetsarchitektur a Budgetsprozedur schwätzen, a mir eis domat méi Transparenz, méi Demokratie, méi Evaluatioun fir méi Effikassitéit am Statsbudget wëlle ginn, bedeit dat och, dass mir als Volleksvertreieder eis eng aner Manier ginn, fir eis mam Statsbudget ze beschäftegen. Mir hunn do als Chamber eng Responsabilitéit, déi mer jo och wëllen huelen, a wou eise President vun der Finanzkommissioun Michel Wolter och amgang ass, éischt Akzenter ze setzen, déi an déi richteg Richtung ginn an déi mer all, alleguer voll ënnerstëtzen.

Et geet einfach net méi duer, dass mer als Chamber Mëtt Oktober gespaant erwaarden, wéi de Budget soll ausgesinn, en dann analyséieren. Mir loosse eis déi üblech Avisé ginn, debattéieren am Dezember monter driwwer, an da gëtt dat Ganz in globo gestëmmt, an esou wéi de Budget am Oktober hei zur Dier erakomm ass, gëtt en och am Dezember hei erëm erausgedroen a gestëmmt, sou wéi mäi Kolleg Alex Bodry dat elo grad och scho gesot huet. An och wa mer säit deem Joer regelméisseg all Mount iwwert de Stand vun den Zuelen informéiert ginn, sou geet et hei ëm vill méi.

Bei enger Politik vun Objektiv, vu Qualitéitsziler, do muss d'Chamber mat ageschalt sinn a permanent validéieren, a wat fir eng Richtung et geet. A méi schlechten Zäite kënne mir eis net drop verloossen, wat mer iergendwann als Resultat zerwéiert kréien, an dann ass et eben esou. Wann dat och bis elo ëmmer gutt gaangen ass, ass dat keng Garantie fir d'Zukunft; an déi Garantie hätte mir als LSAP an Zukunft gär.

Här President, opgrond vum neie Chambersreglement iwwert d'Propositions de loi ass am Ufank vun dëser Legislaturperiod am Oktober meng Proposition de loi vum 18. März 2009 erëm vun der respektiver Lëscht, oder, wéi mer hei am Haus soen, vum Rôle geholl ginn. Haut wëll ech de Redépôt vun dëser Proposition de loi maachen, woubäi ech e puer Mises à jour mat agebaut hunn.

Am Exposé des motifs vun der Proposition de loi hat an hunn ech eng impressionnant Lëscht vun Organisatiounen an Institutionen, nationaler an internationaler, opgefouert, déi sech och fir eng Reform vun eise budgetäre Kader ausgeschwat hunn.

Net méi spéit wéi de leschten 23. September 2009 huet eng Institution, an dat ass an deem Kontext keng där mannster eng, bien au contraire, huet also eis Cour des Comptes an hirem Konterapport fir 2008 de Sujet opgegraff an eng ganz nei Rei Recommandatiounen formuliert, déi sech wäitgehend mat deem iwwerschniden, wat ech schonn am März a menger Proposition de loi proposéiert hat. Och d'Method vun der Cour des Comptes, fir sech un der franséischer LOLF ze inspiréieren an dovunner Haaptelementer erauszehuelen, dës u Lëtzeburger Gegebenheeten unzepassen an d'Kontabilitéitsgesetz vun 1999 punktuell ofzënnere, ass déi Method, déi ech an der Proposition de loi applizéiert hunn.

Här President, den Hannergrond vum neie Chambersreglement iwwert d'Propositions de loi ass jo bekanntlech eng Ëmännerung duerch déi d'Chamber versicht, Gesetzespropositiounen méi effikass a virun allem och méi séier duerch d'Prozeduren ze bréngen. Et soll net méi sou sinn, dass Propositionen jorelaang an der Schläif hänken an op en Avis vun der Regierung oder vum Statsrot gewaart gëtt. Ech hoffen, och wann ech weess, dass eist Reglement keng Obligatioun virgesäit, ech hoffen also, dass d'Regierung e motivéierten Avis zu der Proposition de loi ofgëtt. An ech wär eise zoustänneg Budgetminister Luc Frieden dankbar, wann en eng Zouso an deem Sënn maache géif.

Domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschten an iwwerreechen lech, Här President, meng Proposition de loi. Wann ech gelift!

5. Dépôt d'une proposition de loi

6092 - *Proposition de loi visant - à renforcer le pouvoir budgétaire de la Chambre des Députés, - à promouvoir la modernisation de la gestion publique, et portant modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 a) sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État; b) portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances; c) portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics (telle qu'elle a été modifiée)*

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Roger Negri. An da géif elo nach d'Wuert kréien den Här Finanzminister Luc Frieden.

6. 6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010 (suite)

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, ech géif gäre jiddwerengem, deen an deem Débat intervenéiert huet, Merci soen.

Deen Débat huet am Fong a mengen Aen zwou Saache gewisen. Fundamental, mengen ech, ass d'Ausrichtung vum Budget 2010, wat säin Objektiv ass, eng Politik ze maachen, déi an der Kris net soll d'Ekonomie schwächen, mä éischer d'Ekonomie ënnerstëtzen, déi ass net fundamental a Fro gestallt ginn. Den Débat huet sech op largë Plagen dorobber konzentréiert, fir ze kucken, wéi een dann an der Period '11 bis '14 mat där schwieriger Wirtschafts- a finanzieller Situatioun vum Land soll eens ginn. Do sinn ënnerschiddlech Point-de-vuen ausgedréckt ginn. Dat fannen ech gutt, well dat beräichert den demokrateschen Débat.

D'Regierung ass der Meinung - an dat hunn ech d'lescht Woch hei an der Interventioun vun der Regierung gesot -, dass mer dat, esou wéi dat an der Tradition vu Lëtzebuerg de Fall ass, an der Diskussioun mat de politesche Kräfte an de Sozialpartner hei am Land wëllen diskutéieren.

Datt dobäi d'Regierung an d'Majoritéitsparteien eng besonnesch Verantwortung hunn an och eng gewëssen Initiativroll ze spillen hunn, schéngt mer evident. Et ass och hei keen dobanne gewiescht, dee sech dem Débat verschloss huet. Datt deen ee vläicht méi op d'Reduktioun vun den Dépenses Akzent leet, dass deen anere vläicht d'Dépenses e bësse wëllt réorientéieren, an deen Drëtte wëllt bei de Steiere gewëssen Ännerunge virhuelen, ech mengen, dat ass legitim.

Dat ass deen Débat, dee mer d'nächst Joer solle féieren. Dee brauche mer net haut ze féieren, well fir d'Joer 2010 hu mer eng Marschrout festgeluecht. An ech soen et nach eng Kéier: Ech mengen net, dass déi antizyklesch Politik hei fundamental a Fro gestallt ginn ass.

Ech mengen och net, wann ech den Débat richtig nogelauschtert hunn, dass een a Fro gestallt huet, dass mer fir d'Period '11 bis '14 mussen eng Rei Ännerunge virhuelen. Wéi d'Gewichtung vun deenen Ännerungen ass, dat muss mer an deenen Diskussiounen, déi am Januar ufänken, an déi och net an engem Dag oder an enger Woch kënne ofgeschloss sinn, feststellen.

Ech géif mengen, dass, wa mer bis zur Erklärung vun der Lag vun der Natioun respektiv fir verschidde Moossname bis zum Budget, deen am Oktober d'nächst Joer déposéiert gëtt, déi Orientéierung festgestallt hunn, dann hätte mer dat richtig ugepaakt, fir um Enn vun dëser Legislaturperiod erëm eng Finanzsituatioun ze hunn, déi am Équilibre ass, an zugläich och eng Wirtschaft ze hunn, déi staark ass. Eng Wirtschaft, déi also och eng oppe Wirtschaft bleift, wou d'Beträiber hei am Land Aarbechtsplaze schafen, sief dat national oder international Beträiber.

Dat muss eist gemeinsaamt Zil sinn, well, wéi de Moien nach gesot ginn ass, mir maache Politik fir d'Leit. D'Leit, déi hei am Land liewen a schaffen. An do ass d'Finanzpolitik e wesentlechen Deel dervun.

Ech géif och, Här President, well Der mer d'Wuert ginn hutt, zu där Motioun vläicht Stellung huelen, an där gefuerdert ginn ass gëschter, dass d'Regierung géif d'Chiffieren, d'Recetten an d'Dépenses vum Stat, méi matdeelen. Ech muss soen, dass ech relativ erstaunt sinn iwwert déi Motioun, déi vum Här Gibéryen gëschter agereecht ginn ass, well ech kommen zënter engem Joer, also och schonn um Enn vun där leschter Legislaturperiod an an dëser Legislaturperiod, all Mount mat alle Chifferen an d'Finanzkommissioun, an deelen déi aus. Dat ass also vill méi wéi dat, wat mer fréier gemaach hunn. Bei där leschter Kéier oder der virleschter Sitzung hu mer se duerno souguer op den Internet gesat.

Dat heescht, ech si schonn d'accord mam Inhalt vun där Motioun, mä en fait maache mer dat. Ech ginn der Chamber all d'Informatiounen iwwert d'Steiereinnahme Mount fir Mount. An dat war och den ausdréckleche Wunsch vum neie President vun der Finanzkommissioun, dem Här Wolter. Ech bréngen all Kéiers déi zwee Direktere vun deene grouse Steiervverwaltung mat, fir do och déi Froen ze beäntwerten: Wivill Soldë stinn nach aus? Wéi ass d'Evolution vun den Avancen?

Ech gesinn also net an, dass mer hei mussen eng Motioun unhuele fir eppes, wat ech all Mount maachen a wat ech och wichteg fannen, dass ech et maachen. Well als Finanzminister ass et meng Pflicht, d'Parlament ze informéieren iwwert d'Evolution vun de Recetten an Dépenses, besonnesch an enger schwieriger Zäit wéi där, an där mer sinn.

Wat d'Motioun N°2 ubelaangt, dat war déi iwwert de Scholdestand vun de Gemengen, sou ass et richtig, dass een do muss méi Informatiounen kréie generell vun der Finanzsituatioun vun de Gemengen. Dat huet d'Finanzkommissioun à itératives reprises gewënscht. Dat läit net nëmme an den Hänn vum Stat, scho guer net vum Finanzminister, mä och net nëmme an den Hänn vum Innenminister.

D'Gemenge mussen, an do hu mer jo och eng Rei Exercicer versicht ze maachen, och hir Donnéeën no deenen europäesche Kritären eraginn. An ech mengen, et wär gutt, dass mer an der Finanzkommissioun vläicht zesummen nach eng Kéier mat der Kommissioun fir Innenpolitik kucken, wéi

mer op d'mannst d'Donnéeën vun deene gréissere Gemenge méi schnell op déi europäesch Moossstief adaptéiert kréien.

Dat ass jo nach eng technesch Operatioun. Mä ech sinn d'accord, fir, soubal mer déi Donnéeën hunn iwwert den Endement vum de Gemengen, prezis Gemeng fir Gemeng, och déi der Chamber matzedeele. Och duerfir mengen ech net, dass een d'Regierung extra muss opfuere.

Schliesslech, wat d'Motioun ubelaangt, déi vum Här Bettel abruecht ginn ass, wou et drëm geet, fir e Groupe de travail interinstitutionnel anzesetzen, do muss ech dem Här Bettel soen, dass ech mengen, och déi Motioun ass inhaltlech an der Rei, mä déi ass am Regierungsprogramm virgesinn. An ech mengen net, dass et noutwendeg ass, dass d'Chamber fir all Moossnam, déi d'Regierung am Koalitiounsprogramm virgesinn huet, dass een duerfir eng extra Motioun brauch.

Et ass déi ferm Intentioun vum Statsminister, fir e Groupe anzesetzen, virun allem fir ze kucken, dass déi Koordinatioun tëscht deene staatlechen Institutionen méi schnell a besser ka gemaach ginn. An duerfir mengen ech, dass och déi Motioun net bräicht vun der Chamber gestëmmt oder ugeholl ze ginn. Net, well mer mam Inhalt net d'accord wäeren, mä well dat souwisou d'Intentioun ass vun der Regierung. Oder et mécht een honnert Motiounen, well et stinn nach honnert aner gutt Iddien am Koalitiounsprogramm, déi d'Regierung gewëllt ass ëmzesetzen.

Merci.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Finanzminister Merci. Domadder wäere mer um Enn vun eise Budgetdiskussiounen.

Mir kommen herno zum Vote iwwert de Budget. Mä elo komme mer emol fir d'éischt nach zu der Diskussioun vun de Projet-de-loien Nummer 5591, 5740, 5891 a 6058 iwwert d'Kont vum den Exercicen 2005 bis 2008. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: den Här Eischen, d'Madame Brasseur an den Här Haagen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun de Projet-de-loien, den honorabelen Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

7. 5591 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2005 5740 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2006 5891 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2007 6058 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2008

Rapports de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

► **M. Félix Braz (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Et geet effektiv ëm véier Projets de loi. Dräi dovun si vun der Commission de l'exécution budgétaire an engem Rapport zesummegefaasst ginn. Dat sinn d'Projeten 5591, 5740 an 5891. Deen aneren, dee véierte Projet de loi, dee gëtt separat behandelt am Rapport zum Projet de loi 6058.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Et gëtt dee Saz, dee seet: Les bons comptes font les bons amis. Wann dee Saz wouer wär, da missten d'Relatiounen tëschent Chamber, Regierung, Cour des Comptes a Statsrot ganz schrecklech ugespaant sinn, well mir hu scho ganz laang keng Konte méi gemaach. Dee leschte Kont, dee mer hei an der Chamber ugeholl hunn, betrëfft d'Budgetsjoer 2004. Zënterhier huet d'Parlament sech net méi ofschléissend mat de Konte vun der Regierung hirem Budget, hirer Exekutioun vum Budget beschäftegt.

Dat eleng geet duer, fir lech ze erklären, firwat dass meng Explikatiounen zu deenen dräi Projets de loi do sech wäerte relativ kuerz dann och halen, vu dass deen Interêt an deene leschte Joren net méi grouss war. Dat sinn allerdéngs déi dräi Projets de loi, déi dräi Budgetsjoren, wou



een hätt kënne soe wéi den Här Thiel: Dat waren nach Zäiten!

Déi Zuelen, déi an deene Rapporten duergeluecht ginn, waren effektiv ganz gutt Zuelen. 2008 si mer schonn an eng aner Zäit eriwwergerutscht, déi fir d'Finanze vum Stat méi schwiereg ass, wat mer och bei den Diskussiounen zum Budget 2010 jo hei nach eng Kéier an der Chamber konnten diskutéieren.

An der Kommissioun ass fonnt ginn, dass de Fait, dass mer elo mat esou vill Retard d'Konte vun de Joren 2005 bis '07 missten evaluéieren, eigentlech eng Farce wär. Eng Farce, déi och contraire zu enger Rei gesetzlechen Texter am Fong ass. An et ass och gemengt ginn, dass de Rapport zu de Konte vum Budgetsjoer 2008 en Exercice de style wär, well jo, wann een éierlech ass, dat, wat mer an der Comexbu do diskutéiert hunn, net wierklech nach konnt an d'Debatte fir de Budget vum Joer drop erafléissen.

Ech well, wéi gesot, dofir just e bësse méi am Detail op de Kont 2008 agoen, och wann deen net konnt allze vill nach an de Budgetsdebatten dëst Joer Aschlag hunn. Mä d'Ambitioun vun der Kommissioun, a mir hoffen och d'Ambitioun vun der ganzer Chamber, muss et sinn, fir d'Joer drop, also fir de Budget vun 2011 am Hierscht, Wanter 2010, eng Diskussioun vun de Konte vun 2009 kënnen ze féieren, iert d'Budgetsdebatte stattfannen, fir dass tatsächlech eng Rei Reflexiounen vun deenen Analysen an deen neie Budget kënnen eriwverfléissen.

Wa mer déi Retarden hunn an deene leschte Joren, da läit dat net dorunner, dass d'Regierung hire Projet de loi ze spéit déposiert hätt. D'Regierung bréngt et fäerdeg, an aller Regel de Projet de loi mat de Konte virum Summer, an der Regel am Juni, an der Chamber ze déposieren. Dat war och dëst Joer de Fall fir de Kont vun 2008, den 12. Juni 2009.

D'Cour des Comptes huet an der Kommissioun hiren Avis den 23. November 2009 presentéiert, wat eigentlech ausserhalb vun dem legalen Délai ass. An de Statsrot huet gëschter säin Avis zum Projet de loi der Chamber matgedeelt. Ech wäert um Enn vu menger Interventioun den Avis vum Statsrot och nach an de mëndlechen Explikatiounen kuerz abauen, well e jo net konnt an dee schréffleche Rapport Anzuch halen, dee jo schonn déi aner Woch e Freideg an der Kommissioun ugeholl ginn ass.

2008 wäert mat Sécherheet an Erënnerung bleiwen als dat Joer, wou mer d'Banken hu misse retten. Et ass och am Kont ganz kloer dat, wat als Éischt erausstécht a muss ënnerstrach ginn. Dat ass de Fall bei de Recetten, et ass de Fall bei den Dépensen, et ass och de Fall bei der Verschëldung. Dat ass déi Haupt- dominant Iddi, déi permanent am Kont an och virun allem am Rapport vun der Cour des Comptes zum Kont 2008 ënnerstrach gëtt.

Déi öffentlech Schold ass an deem Joer geklomm vu 6,9 op 14,7% vum PIB, also eng méi wéi Verdueblung vun der öffentlecher Schold. Dat ass natierlech besuergniserregend, och wa mer domadder nach ëmmer zolidd ënnert de 60% vum PIB leien, déi opgrond vum Stabilitéitspakt müssen agehale ginn.

D'Zentralverwaltung huet am Exercice 2008 nach ëmmer e positive Finanzierungssaldo an der Grëssenuerdnung vun 943 Milliounen Euro. Dat si ronn 2,6% vum PIB. Et muss een och ënnersträchen, dass d'Recettë vum Stat eng Augmentatioun vu 6,7% matgemaach hunn, haaptsächlech opgrond vun enger Hausse bei der TVA, awer och bei de Salairen, well d'Zuel vun Aarbechtsplassen zu Lëtzebuerg nach ëmmer och am Joer 2008 an enger Croissance war.

An déi zwee maachen dann de Gros vun där Augmentatioun vun de Recettë vu 6,7% aus, wou gläichzäiteg awer och géintwärt am Kont 2008 eng Augmentatioun vun den Dépense-publiquë steet an der Grëssenuerdnung vun 10,1%. Esou dass also am Joer 2008 och schonn déi öffentlech Ausgabe méi séier gewuess si wéi d'Recetten.

An e puer Zuelen ausgedréckt - an ech wëll awer probéieren der net ze vill ze nennen; Dir kënnt déi am Rapport no-

liesen, fir déi, wou se all wéilten hunn -: Mir hu fir 2008 am Compte général bei de Recettes an Dépenses courantes a Recettes an Dépenses en capital en Excédent vun de Recettë vun 83,6 Milliounen Euro, wat am Report vun de Solden 322,6 Milliounen ausmécht.

Beim Budget pour ordre, also pour compte de tiers hu mer en Excédent de recettes vu 7,2 Milliounen, an am Report vun de Soldë fanne mer 32,9 Milliounen mëttlerweil erëm. An an de Fongen, déi bei der Trésorerie vum Stat déposiert sinn, hu mer fir de Kont 2008 en Excédent vu Recettë vun 184,1 Milliounen Euro. En Total am Report vun de Soldë vun 2,76 Milliarden Euro op der Clôture vum Kont vun 2008.

Am Total hu mer am Kont vun 2008, wéi gesot, 83,6 Milliounen Excédent. Déi Fro, déi all Joers och da muss beäntwert ginn, ass: Wat maache mer mat deenen Excédents? Och do hu mer jo an der Vergaangenheet an der Prozedur net ëmmer alles ganz ronngedréint kritt. Och do sinn an der Zukunft an der Chronologie, soe mer emol, vun där Prozedur Verbesserunge méiglech.

Et ass awer virgeschloen, dass den Excédent vun de Recettë vun 2006 an der Héicht vun 240 Milliounen affektéiert gëtt op eng Rei Fongen, notament d'Infrastructures socio-familiales, den Ëmweltschutz, de Fonds du rail, de Fonds pour l'Emploi, d'Gestion de l'eau an de Kyoto-Fong. Fir 2007 geet et ëm 450 Milliounen, déi an d'Fonge sollen affektéiert ginn. Dee Projet de loi war leider zum Moment vum Dépôt vum Projet de loi iwwert de Budget 2010 nach net aviséiert, esou dass dat nach net konnt integral appréciéiert ginn.

An déi 83 Milliounen Iwwerschoss vum Kont 2008 sollen zu 80 Milliounen affektéiert ginn an de Fonds pour l'Emploi. Déi aner 3,6 Milliounen sollen dann an de Report du solde weidergereecht ginn.

Et muss een och feststelle fir 2008, dass eng Rei Dépense-couranten zolidd an d'Luucht gaange sinn. Am Total sinn dat 31,8% vun den Dépensen, déi virgesi waren. A selbstverständlech sinn déi Augmentatiounen do zrëckzuféieren op den Asaz fir d'Rette vun enger Rei Finanzinstituter. Dat fënnt ee selbstverständlech och erëm, wann een den Detail dovunner kuckt.

Dann zum Contrôle vun den Dépensen, deen 2008 gemaach ginn ass. De Contrôleur financier hat am Total eppes iwwer 218.000 eenzel Operationen ze kontrolléieren. Ech erspueren lech och do den Detail an de Sous-détail dervun. Ech wëll just feststellen, dass och 2008 nach eng Kéier eng ganz Rei Refus de visa ausgeschwat gi sinn.

Et muss ee soen, dass d'Refus de visa an de leschte Joren am Fong geholl an hirer Zuel réckleefeg waren. Mir hatten am Joer 2003 nach bal 600 Refus de visa. Déi sinn an de leschte Jore liicht réckleefeg. Par contre muss ee soen, par rapport zum Joer 2007 ass awer nees eng kleng Augmentatioun festgestallt ginn, och wann et nëmme eng ganz kleng war. Eng Zuel - dozou kommen ech herno nach -, déi de Statsrot awer insgesamt als ze héich aschätzt. Net well e mengt, dass ee misst soen, et wär an der Rei, mä well e bemängelt, dass vill där doter Situatiounen eigentlech kéinten évitéiert ginn.

D'Hauptgrënn fir de Refus de visa si méi oder weëneger stabel duerch d'Joren. Et ass oft eng Absence de base légale. Dat ass bei all drëttem Refus de visa de Fall. Bei ronn 28% sinn et Engagementer, déi ex post gemaach ginn. Och do gëtt an der Regel dann de Visa refuséiert.

Da sinn och nach Netrespekter vun der Législatioun iwwert d'Marché-publicé fir all Aarte Refus zoustänneg. A mir hunn och nach eng Kéier Enn 2008 eng Rei Dossieren, déi vun der Regierung net clôturéiert waren, 34 am Ganzen, wou, obwuel et e Refus de visa gouf, d'Regierung jo d'Méiglechkeet hätt, mam Passer outre virunzecommen; wat awer net geschitt ass. Esou dass do nach 34 Dossieren en suspens leien. Dat zu den Zuelen.

D'Kommissioun huet sech awer nieft deenen doten Zuelen, déi d'Cour des Comptes nach eng Kéier erausgeschéit huet, och nach eng Kéier mat dräi, véier aneren Aspekter beschäftegt, déi an der

Meenung vun der Kommissioun wierklech vu Bedeitung sinn. Besonnesch, wann een an Zukunft wëllt, dass deen Exercice vun der Analys vun de Konten e méi politeschen a budgetäre Sënn soll hunn, wéi dat am Moment de Fall ass.

Um Niveau vun de Gemengen, a vill vun de Membere vun der Chamber si jo och a Gemengen- a Schäfferéit vertraueden. An de Gemenge gëtt ëmmer gesot, d'Wourecht wär am Kont. Et ass och richtig. De Budget prévisionnel ass am Fong e politescht Dokument, wou gemengt gëtt, wat een dat Joer drop mécht. Dat ass jo zu 60, 70% dann och de Fall esou queesch duerch d'Gemengen. Zu engem groussen Deel ginn déi Saachen, déi am Budget an Aussicht gestallt ginn, schlussendlech net esou realiséiert, well se méi spéit realiséiert ginn oder wéi och ëmmer. Et ass also e politescht Dokument.

De Kont, par contre, gëtt dat eenzegt richtig detailléiert Bild doriwwer of, wat reell gemaach ginn ass. D'politesch Leeschtung, d'finanziell Engagementer, déi stinn am Kont vill méi, wéi dass se am Budget stinn. Dofir ass och an der Meinung vun der Kommissioun deen Exercice, dee bis elo wierklech en Exercice de style war dans le meilleur des cas, en noutwendegen a wichtege Exercice.

Dat ass keng nei Meinung, vun där d'Kommissioun d'Land misst iwwerzeegen. Dat steet och esou an eise Gesetzer an där doter Matière. A mir missten eigentlech et fäerdeg bréngen, an Zukunft déi dote Saache méi seriö ze maachen, méi no am Délai a méi detailléiert quant au fond.

D'Kommissioun gesäit awer do e puer Problemer, déi vun der Cour des Comptes zum groussen Deel soulevéiert gi sinn an deene sech d'Kommissioun och eigentlech allegueret konnt ralliieren, wann ee wëllt, dass an Zukunft déi Wourecht, déi an de Konte stécht, och eng Wourecht gëtt, déi hei analyséiert an diskutéiert gëtt, an och eng Wourecht gëtt, déi dann en Néierschlag muss fannen am Budget fir dat Joer drop.

Den éischte Problem, dee vun der Cour soulevéiert gëtt a wou sech d'Kommissioun ralliieren kann, ass d'Qualitéit vun den Informatiounen, déi am Compte général vun der Regierung geliwwert ginn. An aller Regel ass am Projet de loi eng relativ sommaire - komplett wuel an den Zommen, an de Montanten, awer relativ sommaire - Énumératioun vun de Posten, déi d'Consommation indiquieren, déi op dësem oder deem Budgetposten an deem Joer do gemaach ginn ass.

Wann ee wëllt och vun der Cour des Comptes verlaangen, dass se net nëmme hir Délaien anhält, well op deem Punkt dierf et an Zukunft keng Dépassementer méi ginn, mä dass d'Cour des Comptes och eng méi seriö Analys quant au fond ka maachen, da muss ee sech wierklech Gedanken doriwwer maachen, ob déi dote Form vu Presentatioun mat enger Énumératioun vun de Consommatione vun de Posten an Zukunft kann duergoen.

D'Kommissioun ass éischter der Meinung, dass et effektiv esou misst sinn, wéi d'Cour des Comptes suggéiert, dass een do mat méi Informatiounen muss kënnen déngen. Dat ass allerdéngs méi séier gesot wéi gemaach. Da misst ee sech och doriwwer ënnerhalen, seriö ënnerhalen, wéi eng Informatiounen dat da musse sinn. Well et ass och kengem gehollef, wa mer aus engem schlanken Dokument elo e Wälzer maachen, deen herno fir kee Mënsch méi ze bewältegen ass, och net an deenen Délaien, an deene mer och gären hätten, dass e muss bewältegt ginn. Duerfir muss mer eis mat där doter Fro, eiser Meinung no, och beschäftegen, fir wierklech dann och ze kucken, wat da méi ass, ier et ze vill gëtt där Informatiounen. Déi Diskussioun ass nach net gefouert ginn, an déi muss mer awer nach féieren.

Zweite Punkt, dat ass dee vun der Réforme budgétaire. Do gëtt et jo an anere Länner eng Rei Beispiller. De Budgetsrapporteur, de Lucien Thiel, huet jo a sengem Rapport fir 2010 eng Rei Länner kuerz opgeléicht a kuerz erkläert, wéi an deene Länner déi nei Comptabilité publique gefouert gëtt, wou och Aspekter vu Qualitéit müssen erafléissen, an net nëmme eng quantitativ Bewäertung vun Zuelen, déi am Équilibre solle stoen.

D'Cour des Comptes huet sech an hirem Rapport zu de Konten 2008 ganz detailléiert, wierklech ganz detailléiert - ech kann all Mënsch nëmme recommandieren, eng Lecture dovunner ze maachen -, mat der franséischer Loi organique iwwert d'Loi des finances beschäftegt. Net well mer der Meinung wieren, dass een déi eent zu eent misst iwwerhuelen, mä d'Cour des Comptes huet an enger ganz gudder Aarbecht probéiert ze kucken, awéiwäit e kéint dee franséische Modell vun der LOLF op Lëtzebuerg importéieren an op eise Modell iwwerleeën.

Den Här Thiel huet och kuerz kloergemaach, dass et bei deenen anere Modeller, déi hie verglach huet, kee fäerdege Modell gëtt, deen eent zu eent kéint transposéiert ginn. D'Comexbu ass duerfir der Meinung, dass mer eis am Laf vum nächste Joer mat där doter Fro grad wéi d'Finanzkommissioun, déi jo eigentlech do, mengen ech, de Lead huet, sollte beschäftegen a kucken, wat de genee Modell ass, deen op Lëtzebuerg géif kënnen iwwerdroe ginn. Mä et ass ganz kloer, dass mer am Laf vun 2010 och als Comexbu eis mat där doter Fro wäerte beschäftegen.

Den drëtten Punkt, wou eiser Meinung no an der Comexbu Saachen an Zukunft müssen anescht kënne gemaach ginn, dat sinn d'Fongen. Zu den Zuelen: D'Entwécklung bei de Fonge war 2008 am Kont eng favorabel. Et ass eng Augmentatioun vun den Avoiren op de Fonds spéciaux vun 9,65% zustane komm, doduerch, dass eng ganz Rei Recetten zolidd gewuess sinn, ëm 12,89%, a bei den Dépensen e Minus war vun 8,41%. Wat am Saldo eng Augmentatioun vun den Avoiré mécht vun 9,65%.

Wat awer net zefridde stellend ass, ass och do den Informationsgehalt iwwert d'Fongen. Och do géif d'Cour des Comptes gäre méi doraus maachen. Och dat ass awer net méiglech, well an der Presentatioun, wéi et se elo gëtt, am Kont am Fong nëmme d'global Situatioun vun den eenzelne Fonge rapportéiert gëtt. Et gëtt awer keng Informatiounen doriwwer, wat bannent deenen eenzelne Fonge vun Affektatiounen gemaach gëtt. Wéi eng Projete ginn an deem Joer iwwert dee Fong mat wéi enge Montanten engagéiert? Wat gëtt genau domadder gemaach?

Déi qualitativ Analys ass also och bei de Fongen absolut net ze maachen. A wa mer, wéi gesot, an Zukunft wëllen, dass den Exercice vun der Analys vun de Konte säi Sënn soll hunn, da müssen d'Informatiounen, déi mer beim Kont liwweren, och bei de Fonds-spéciale dättelech verbessert ginn, fir dass wierklech och eng qualitativ Analys ka gemaach ginn.

De leschte Punkt wëlle mer just als Comexbu nach eng Kéier kuerz rappellieren. Mir hatten d'Visite an eiser Kommissioun den 23. November vum Henri Grethen, dem Lëtzeburger Member an der Europäescher Cour des Comptes, deen eis dorop opmierksam gemaach huet, dass opgrond vum Akraafttriede vum Traité vu Lissabon an Zukunft d'Länner, d'Memberstate vun der Unioun, méi staark wäerten agebonne ginn an d'Exekutioun vum communautaire Budget, dass also och an Zukunft eng Rei Efforten op d'Verwaltung zu Lëtzebuerg wäerten duerkommen, well se méi agebonne ginn an d'Exekutioun vum communautaire Budget. Et wäerten och méi Kontrollen, méi Monitoring müssen zu Lëtzebuerg gemaach ginn. An do wäerten also erwaardungsgeméis no den Aussoe vum Här Grethen eng Rei supplémentaire Efforten op eis duerkommen, op déi sech d'Verwaltung misst ëmstellen.

Als Konkusioun, Här President, wëll ech soen, dass déi Rapporten an der Kommissioun majoritär ugeholl gi sinn.

Ech wëll awer och nach kuerz soen, wat de Statsrot a sengem Avis vum 8. Dezember soulevéiert huet. En huet sech an engem Saz wéi an zéng grosso modo och de Konklusiounen vun der Cour des Comptes ralliéiert, notament wat d'Informatiounen betrëfft, déi an Zukunft solle verbessert ginn, fir eng besser Analys kënnen ze maachen.

De Statsrot huet och nach eng Kéier seng scho bekannte Positioun rappeléiert, dass e wëllt, dass an Zukunft och manner Refus de visa doduerch zustane kommen, dass d'Verwaltung eng ganz Rei Feeler, vun deene se weess, dass se automatesch zu engem Refus féieren, einfach net méi mécht, dass also d'Zuel vun de Refus vun de Visaen erofgeet doduerch, dass déi dote Feeler am Viraus évitéiert ginn. Mir mengen och als Kommissioun, dass dat zoutreffend ass. Déi Zuel misst kënnen nach par rapport zu de Jore virdu weider erofgedréckt ginn. Si ass schonn erofgaangen zënter 2003, mä si misst kënnen weider nach erofgedréckt ginn.

An Zukunft, wéi gesot, wëllt d'Comexbu ganz staark dorobber insistéieren, dass all d'gesetzlech Dispositiounen, déi et an der Matière vum Kont, vun der Budgetsprozedur eigentlech gëtt, an Zukunft hei à la lettre applizéiert ginn. Dat wäert sech doranner äusseren, dass mer hoffen als Comexbu, dass d'Regierung wéi an der Vergaangenheet virum Summer hire Projet de loi kann déposéieren zum Kont vum Joer virdrun, dass mer dann am Laf vum fräien Hierscht, wéi d'Gesetz et verlaangt, vun der Cour des Comptes en Avis zu deem Dokument kënnen kréien, dass de Statsrot och nach eng Grëtz méi fréi wéi dëst Joer säin Avis kann dozou déposéieren, dass also d'Comexbu hir Aarbecht am Laf vum Oktober ka maachen an dass an der Plénière am Laf vum November misst kënnen iwwert d'Konte vum Joer N minus eent diskutéiert ginn, fir dass mer dann am Dezember och an der Plénière iwwert de Projet de budget fir d'Joer N plus eent kënnen en parfaite connaissance de cause diskutéieren. Dat ass de Wonsch vun der Comexbu, a mer wäerten als Comexbu ganz kloer op d'Anhale vun där doter Prozedur insistéieren.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Eis Presidentin -, där ech wierklech wëll besonnesch Merci soe fir d'Aart a Weis, wéi se zënter dem Ufank vun dëser Legislatur déi Kommissioun presidéiert -, ech sinn iwwerzeegt, dass si wäert derfir suergen, dass op dese Froe vun Délaien an Zukunft net méi transigéiert gëtt an dass mer hoffentlech och qualitativ dann an Zukunft déi Diskussioun kënnen féieren an zu Konklusioone bréngen, dass den Exercice wierklech säi volle Sënn huet. Well en huet ganz vill Sënn, mir hunn e just nach ni wëllen notzen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Félix Braz Merci. Als éischte Riedner ass den Här Félix Eischen agedroen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no den Diskussiounen iwwert de Budget vum nächste Joer gi mer dann elo kuerz erëm zrëck an d'Vergaangenheet a beschäftegen eis mat dem Contenu vun de Budgeten aus de véier leschte Joren, ob se dann elo konform exekutéiert goufen oder och net.

An deene véier Projets de loi, déi virleien, geet et engersäits ëm d'Exekutioun vun de jeeweilige Regierungsbudgeten an op där anerer Säit iwwert d'Remarquen, déi d'Cour des Comptes an hire respektive Rapporten zu deenen eenzelne Budgete gemaach huet. Dës Rapporté si wichteg a maachen et der zoustänneger Chamberskommissioun méi einfach, d'Exekutioun vun de Statskonten am Fong ze analyséieren.

D'CSV ass der Meenung, dass d'Cour des Comptes zu de Konten 2005, 2006, 2007 an 2008 exzellent Rapporté verfaasst huet a wëllt hir dann och vun dëser Plaz aus Merci soen a félicitéieren.

Här President, d'Rapporté vun der Cour des Comptes hunn et dem Rapporteur, dem Här Braz, erlaabt, déi véier virleidend Projete vun der zoustänneger Chamberskontrollkommissioun iwwert d'Ausféierung vun de leschte Statsbudgeten ze erstellen.

Well de Rapporteur a sengen exzellente schrëftleche wéi och mëndleche Rapporten, fir déi ech him vun dëser Plaz aus wëll Merci soen, am Detail op déi eenzel Aspekter vun de Statskonten aus de leschte Joren agaangen ass, esou wéi d'Cour des Comptes se analyséiert huet, wëll ech net op all déi Chifferen aus dem Rapport vum Rechnungshaff an den Avis vum Statsrot agoen. Et bréngt net vill, wann een hei nach eng Kéier déi Chifferen nennt, déi am Fong jiddweree säit Jore misst kennen.

Et ass awer net oninteressant, kuerz ze kucken, wat an deene leschten Exercicer geschitt ass. Ofgesi vum Kont 2005, deen nach mat engem kräftegen Defizit ofgeschloss huet, wëll ech zum Beispill dorop hiweisen, dass d'Estimatiounen vun de Recetten am Joer 2006 ëm 14,5%, am Joer 2007 ëm 11,4% an am Joer 2008 ëm 5,3% dépasséiert goufen.

Wat d'Affektatioun vun de Plus-valuen aus den dräi leschtgenannten Exercicer vun ëmmerhi 770 Milliounen ugeet, esou begreisse mer ausdrécklech, dass se a Spezialfonge fléisse sollen, wat mam Vote vum Budget 2010 dann och wäert geschéien. Si erlaben eis, weider an Zukunft déi Investitiounen am Grand-Duché ze tätigen, déi mer brauchen, fir no der Kris gutt opgestallt ze sinn, hëllefen awer och, déi direkt Auswierkunge vun där Kris, zum Beispill um Aarbechtsmaart, ze pléischteren. Sou sinn eleng 225 Milliounen fir d'Speise vum Fonds pour l'Emploi virgesinn.

Här President, et ass awer och esou, dass net nëmmen d'Recetten ënnerschat goufen, och d'Estimatiounen vun den Dépensé si laut de Konte vun 2005 bis 2008 dépasséiert ginn. Dat lescht Joer souguer ëm 30%, wat awer zum gréissten Deel duerch d'Rettungsoperatione fir d'Finanzinstituter ze erklären ass. Soulaang d'Konte mat Iwwerschëss ofgeschloss hunn, war den Dépassement vun den Estimatiounen bei den Dépensé jo kee grouss Problem. Dat wäert jo awer elo bekanntlech änneren, well mer elo emol an nächster Zäit viraussichtlech net op déi Iwwerschëss kënnen zrëckgräifen.

An deem Kontext sief och den Appel gemaach, dass an Zukunft all Efforté solle gemaach ginn, fir dass d'Budgetsprevisionen souwuel bei de Recetté wéi och bei den Dépensen nach méi no un der Realitéit solle leien.

Mir begrëssen duerfir och ausdrécklech, dass de Finanzminister permanent d'Finanzkommissioun iwwert d'Evolution vun de Steierrecetten um Lafenden hält. Ech sinn awer och wéi de Budgetminister der Meenung, dass sech déi Methodologie nach perfektionéiere léisst, fir dass d'Extrapolatiounen an d'Previsiounen am Budget esou no wéi méiglech un déi ze erwaardend Realitéit erugeféiert kënnen ginn. Dass dat keng einfach Affär ass, ass gewosst, well déi ekonomesch Parametere, no deenen de Budget opgestallt gëtt, meeschtens net identesch si mat deene Parametere, déi der Wirtschaftsentwécklung a Wierklechkeet entsprechen, déi dann en fin de compte déi reell Chiffere vun de Statskonte bestëmmen.

Här President, an dem Kontext vun de Remarqué vun der Cour des Comptes zu de Konten 2008 bleift vun eiser Säit nach kuerz Folgendes ze soen: D'Budgetskontrollkommissioun huet sech mat der Problematik vun der Qualitéit vun den Informatiounen an de Statskonte respektiv och zu de Spezialfonge beschäftegt. Si deelt och d'Meenung vun der Cour des Comptes, déi an hirem Rapport fir eng Réforme budgétaire plädéiert.

Mir sinn der Meenung, dass mer effektiv eng méi performant an eng méi transparent Budgetiséierung brauchen, a begreissen duerfir ausdrécklech, dass d'Cour des Comptes sech där Saach ugeholl an un engem Lëtzeburger Modell geschafft huet, deen op eis Verhältnisser zougeschnitten ass, a mat deem mir eis hei an der Chamber emol méi intensiv beschäftege sollten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem exzellente schrëftleche Rapport vum Rapporteur Félix Braz ass u sech näischt méi bäizeflécken. D'CSV-Fraktioun ka sech de Virschléi an de Schlussfolgerungen vun der Budgetskontrollkommissioun uschléissen a wäert och déi véier Gesetzesprojete matstëmmen.

Domadder, Här President, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Eischen Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wat mer hei maachen am Moment, just ier mer iwwert de Budget ofstëmmen, ass en Exercice de style. Et ass bal eng Farce, an dat ass net gutt, well et geet hei ëm d'Statsfinanzen. Et geet ëm d'Konten.

Firwat ass dat bal zur Farce degradéiert? Well mer ons selwer net un ons eege Procédurë gehalen hunn. 1999 hu mer en neit Gesetz iwwert d'Budgetsprocédure an iwwert d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat hei gestëmmt. Et gëtt applizéiert, mä et gëtt sech net un d'Délaie gehalen, déi an deem Gesetz virgesi sinn. Et steet am Artikel 11 vun deem Gesetz, dass d'Regierung fir den 31. Mee all Joer d'Konte muss vum Joer virdrun déposéieren. Dorun hält d'Regierung sech.

Da steet weider an deem Gesetz, dass d'Cour des Comptes muss bis den 30. September hire Rapport dozou maachen, an d'Cour des Comptes huet sech bis elo Zäit gelooss a kouw méi spët mat hirem Rapport eraus. Mä duerno ass dat un de Conseil d'État gaangen. An de Conseil d'État huet sech Joren Zäit gelooss, fir verschidde Konten ze approuvéieren.

Déi Procédure kënnen mer wierklech net méi esou suivéieren, well wann een e Budget wëllt etabléieren, da muss ee jo op eppes Konkretes opbauen. An dat Konkret, wat ass dat? Dat sinn d'Konten, déi vum Virjoer engem virleien. Et ass jo och net vun ongeféier, dass an de Gemenge beispillsweis mam Budget d'Konten an de Budget rectifié presentéiert ginn, an et baséiert ee sech op d'Konten, fir de Budget ze preparéieren.

Beim Stat war dat bis elo net de Fall, a mir sinn der Chamber dankbar, Här President, dass Der d'accord waart, dat awer elo nach op den Ordre du jour ze huelen, quitte dass mer net vill Zäit hunn, dat ze diskutéieren, fir dass mer vun elo un an e Rythme de croisière kommen, vum nächste Joer un, an dass mer dann, esou wéi de Rapporteur, deem ech och wëll villmools Merci soe fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet, an ech soen dat och am Numm vun der Kommissioun, déi ech jo däréi presidéieren, fir dass mer da vum nächste Joer u wierklech an den Délaien déi Débate kënnen féieren, a fir dass dann déi Konte vun dësem Joer, vun 2009, d'nächst Joer als Basis kënnen déngen fir d'Finanzkommissioun, fir och méi eng profund Analys vum Budget 2011. Dat ass onse Wonsch, an duerfir wollte mer all déi Konten elo ofschléissen, quitte dass dat net esou gemaach ginn ass, an net déi Zäit dorop verwent gëtt, déi mer am Fong missten dorop verwenden.

Ech wëll hei net op d'Chifferen agoen, de Rapporteur huet dat ganz gutt gemaach an de Riedner vun der CSV och. Mä ech wollt ebe just iwwert d'Procédure schwätzen, wou mir ons mussen eng Richtlinn ginn, mä wou natierlech och déi aner, déi mussen do mat agebonne ginn, dass déi sech och un d'Délaien halen.

Ech wär frou, Här President, wann Dir da kéint beim Conseil d'État intervenéieren, dass deen Exercice awer muss stattfannen an dass d'nächst Joer se wierklech mat Zäit hiren Avis ginn.

Et ass ëmsou méi wichteg, well mer elo an Zäite sinn, wou mer net méi Plus-values de recettes kënnen géréieren, a wou mer dann der Regierung virgeworf hunn, si géif jo systematesch d'Recetten ënnerschätzen. Wann een dat kuckt, déi Konten 2006, 2007, da kann ee soen: Bon, Gott sei Dank hu mer ons do e Polster fir haut kënnen accumuléieren. Mä elo, wou d'Recetté vill méi knapp ginn, musse mer dach d'Dépenses och vill méi genee am A halen, am Bléckwénkel hunn, an duerfir muss dësem Exercice vun de Konte méi eng grouss Bedeitung zoukommen.

Op jidde Fall, d'Budgetskontrollkommissioun wäert alles maachen, fir hirem Opdrag gerecht ze ginn. Well et ass jo eng

vun deene wichtegsten Aufgaben awer, déi e Parlament huet, d'Regierung ze kontrolléieren an d'Budgetausgaben, d'Budgetexekutioun vun der Regierung ze kontrolléieren. Mir mussen ons dann och d'Moyenë ginn, dat richtig an uerdentlech ze maachen.

Wa mer iwwert d'Procéduren och an Zukunft ons wäerten ënnerhalen, da geet et ëm d'Organisatioun vum Budget. An de Rapporteur huet ugeschwat, dass dat franséisch Gesetz iwwert d'Organisatioun iwwert d'Finanzen ënnert d'Lupp geholl ginn ass vun der Cour des Comptes. Ech muss der Cour des Comptes och Merci soe fir deen Exercice, well dat ass eng gutt Basis, fir dass mer kënnen diskutéieren. De Budgetsrapporteur huet jo och verschidde Modellen a sengem Budgetsrapport ugeschnitten. Mä mir mussen do zu Konklusioone kommen.

Nach ee Wuert zur Procédure. Wann een de Budget, wat e politescht Dokument ass, och richtig wëllt exekutéieren, muss et Procédurë ginn. Déi Procédurë sinn awer heiansdo esou enk gestréckt, dass de Contrôle vun de Procédurë méi deier kascht wéi den Enjeu selwer. Do schwätzen ech vun den Transferts de crédit. Déi kritt d'Budgetskontrollkommissioun ëmmer matgedeelt, an ech hu se bis elo gekuckt, an natierlech kënn dat um Schluss vum Joer, wann d'Kreditter net méi duerginn.

Do hu se an engem Ministère 348 Euro weider gebraucht, well de Concierge éischter a Pensioun gaangen ass a well se keng Suen haten, fir deem neien dann d'Masse d'habillement ze ginn. Duerfir kouw en Transfert de crédit: 348 Euro. Mä ech hunn nach en anere fonnt, do geet et ëm fënnf Euro Indemnités d'habillement, wou dann en Transfert de crédit ugefrot ginn ass. Wann ech kucken, wat d'Procédure kascht, fir déi fënnf Euro Transfert de crédit ze maachen, ech muss lech soen, Här President, dann hu mer en enormen Déséquilibre. An och do muss ee sech iwwert d'Procéduren ënnerhalen, well et muss een ëmmer de But am A behalen. Et ass d'Effikassitéit, an et kann net sinn, dass d'Kontrollmechanisme méi deier gi wéi dat, wat ee kontrolléiert.

No deene puer allgemengen Observatiounen wollt ech lech soen, dass d'DP-Fraktioun sech wäert beim Vote vun dese véier Projeten enthalten.

Mir hu constatéiert, dass déi Budgete selon les règles de l'art exekutéiert gi sinn. Déi Bescheinegung gi mer dem jëtzege Finanzminister a fréiere Budgetsminister ganz gär. Mir constatéieren och, dass et zu enger Verbesserung kënn, an dat gesäit een un der Zuel vu Refus de visa, déi Gott sei Dank ofhëlt. Mä mir kënnen natierlech awer déi Konten net approuvéieren, well dat si Budgeten, mat deene mer, vun deene politesche Choixen, net d'accord waren, esou dass mer ons bei deene Voté vun dese véier Projete wäerten enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen der Madame Brasseur Merci, an als nächste Riedner ass den Här Haagen agedroen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen dat Meescht zu de Konten ass gesot. Ech géif awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Rapporteur Félix Braz villmools Merci ze soe fir déi Aarbecht an déi Presentatioun an déi Analys, déi hie gemaach huet vun de Konten 2005, 2006, 2007 an 2008.

Ech denken, datt et wichteg ass, datt bei der Presentatioun vun engem Projet de loi iwwer e Budget d'Konte misste virleien, datt se virleien an datt se ofgeschloss sinn, datt déi verschidden Avisen och do sinn. De leschte Kont, an de Rapporteur huet dat gesot, war de Kont vun 2004, deen an dësem Haus ugeholl ginn ass. Et wier also wëschenswäert, wa bei der Presentatioun vum Budget 2011 d'Avisen zum Kont vun 2009 och kënn virleien, well een als Deputéierte sech dann och kann eng Meenung maachen iwwert déi verschidde Statsfinanzen, wéi se an der Wierklechkeet och sinn. Ech denken, datt a Krisenzäiten dat besonnesch wichteg ass, well et eng richtig Aschätzung vun der finanzieller Lag vun de Statsfinanzen erlaabt.



Eng lescht Remarque, an ech maachen et kuerz, wat d’Konte vun 2008 betrëfft: Am Rapport général - an et ass och schonn ugeschwat gi vun der Presidentin, an och vum Rapporteur an och vum Här Eischen - vun der Cour des Comptes iwwert de Kont 2008 steet eng Remarque, wat d’Qualitéit vun den Informatiounen ugeet. D’Présentatioun très sommaire vun de Finanzen mécht et der Cour des Comptes, an esou steet et ganz genau am Rapport, onméiglech, impossible, fir eng approfondéiert Analys ze maachen.

D’Cour des Comptes plädéiert also fir een neie Kontabilitéitsmodell fir öffentlech Finanzen, also eng Réforme budgétaire, déi hei och scho vu verschiddene Riedner ugeschwat ginn ass. An dësem Sënn huet jo och de Kolleeg Roger Negri eng Proposition de loi de Moien iwwerreecht vun der LSAP iwwert d’LOLF, Loi organique relative aux lois des finances, an déi ass och déposiert ginn.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Haagen Merci, an dann ass nach agedroen den Här François Bausch. Den Här Bausch huet d’Wuert.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här President, ech erlabe mer och, am Numm vun der grénger Fraktioun, dem Rapporteur villmools Merci ze soe fir säi gudde schréftlechen a mündleche Rapport. An ech kann et och duerfir kuerz maachen, Här President. Ech maachen et d’nämlecht wéi d’Madame Brasseur an hirer Konklusioun: Mir hunn näischt un der Exekutioun vum Budget aussetzen, mä mir waren natierlech mam Inhalt vun deene Budgeten do net d’accord. Duerfir wäerte mer eis enthalten.

► **M. le Président.** - An dann ass nach den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Ech ka mech nëmmen de Wieder vu mengem Virriedner, dem Kolleeg François Bausch, uschléissen, fir dem grénge Rapporteur, dem Félix Braz, Merci ze soe fir déi Konten.

Et ass am Fong schued oder schlëmm, kann ee bal soen, datt en Oppositionspolitiker - mä et ass awer esou d’Gepflogenheet - d’Konte vun enger Regierung hei virdréit, déi e politesch sécherlech net matdréit, wat den Inhalt ubelaangt. Ech mengen, mir hunn déi Budgeten net gestëmmt, esou datt een am Prinzip och d’Konten net ka stëmmen. Mä wat awer hei muss mat zum Ausdrock bruecht ginn, ass, datt d’Gestioun vun de Finanzen awer richtig dokumentéiert gëtt, an dat muss een awer ëmmer unerkennen. An duerfir wäerte mer eis och bei dësem Vote dann enthalten.

► **M. le Président.** - Da soen ech och nach dem Här Gibéryen Merci. Da kritt elo nach d’Wuert de Finanzminister, den Här Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden**, *Ministre des Finances.* - Här President, bei de Budgetdiskussionen a bei der Diskussion ronderëm d’Konte sinn am Fong zwee Elementer, déi zum Virschäi kommen. Dat eent - et ass wierklech d’Grundlag vun der Politik an et ass en Häerzstéck vun der Demokratie, an dat mierkt een duerch zwee Aspekter -, dat ass, datt mer d’lescht Woch an dës Woch iwwer esou munch politesch Beräicher geschwat hunn, an datt mer hei bei der Approbatioun vun de Konten och gesinn, datt d’Lëtzebuerger Demokratie funktionéiert, nämlech notament an der Symbolik, déi doranner besteet, datt d’Kontrollkommissioun vun der Exekutioun vum Budget vun engem Politiker vun der Opposition geféiert gëtt, an datt och dee Rapport iwwert d’Konte vun engem Rapporteur, deen aus de Reie vun der Opposition kënnt, gemaach gëtt.

Ech soen duerfir dem Här Braz Merci fir dee Rapport an och der Madame Brasseur, déi an dëser Legislaturperiod op eng, fir si gewinnten, streng, seriö, mä konstruktiv Aart a Weis déi Aarbechte vun där Kommissioun féiert.

Fir de Finanzminister ass dat e wesentlech Stéck vun enger gudder Gestioun vun de

Statsfinanzen. Ech gesinn dat ni un als eppes, wat mech a menger Aarbecht stéiert, mä fir am Fong op eng uerdentlech Aart a Weis dat auszuféieren, wat de Gesetzgeber eis mat op de Wee ginn huet. Mir kréien de Budget vun der Chamber gestëmmt. De Budget muss vun eis ausgeféiert ginn, woubäi et normal ass, datt bei enger Rei Dépenses a bei enger Rei Recetten een dat net millimetergenue kann am Budget festleeën. Et weess een net haut, wéi vill ganz genee an där enger oder anerer Steierkategorie erakënn, a verschidden Dépense sinn net op den Euro genee am Virfeld anzuschätzen.

Mä duerfir ass et ëmsou méi wichteg, datt dat Gesetz, wat mer vun der Chamber gestëmmt kréien, och am Nachhinein iwwerpréift gëtt. Ech sinn äusserst dankbar, datt mer elo eng Kéier an engem Siess déi Konten do alleguerten approvüieren. Well et ass och fir eis, déi fir d’Statsfinanzen zoustänneg sinn, net flott, wa während Joren déi Konten dorëmmer hänken, quitte datt mir déi Suen an deene Fongen affektéieren, mä si sinn ëmmer nëmme provisoersch affektéiert bis mer d’Approbatioun en bonne et due forme vun der Chamber hunn. Et ass also flott, datt mer elo endlech déi Avisen zu deene Konten haten, an datt déi hei kënnen approvüiert ginn.

Ech wëll hei nach eng Kéier soen, am Numm vun der Regierung, datt ech och wäert déi nächst Joren drop halen, an dat versprechen ech lech hei, datt déi Konte mat Zäit an d’Chamber kommen. Dat war enorm vill Aarbecht. Et ass och vill Aarbecht, déi naturellement d’Beamten aus dem Finanzministère maachen, well dat ass jo virun allem eng Kontabilsaarbecht, wann een dat esou wëllt nennen. Mir hunn eis Délaïen do wäit verbessert. Mä duerfir muss och de parlamentareschen Débat duerno stattfannen, well fënnel Joer duerno huet deen Débat kee Sënn. Do sinn ech ganz d’accord mat deem, wat heibanne gesot ginn ass.

Ech stellen awer och fest, inhaltlech, datt mer déi Mehreinnahmen affektéiert hunn u Fongen, fir domadder laangfristeg Investitiounsangaben ze tätegen. Et ass eng Politik, fir déi ech mech ëmmer agesat hunn an déi ech och nach wie vor richtig fannen. Sollten also och an Zukunft nach eng Kéier Mehreinnahme kommen, mengen ech, sollt een dat och esou maachen.

Wat d’Prozedur ubelaangt, hu mer iwwert d’Konte geschwat. Ech wëll nach e Wuert soen iwwert d’Prozedur beim Budget, well dat souwuel an der Budgetsdebatt wéi och hei de Moien opkomm ass. Ech mengen, datt Elementer vun eiser Budgetsprozedur iwwerlieft sinn. Fir awer automatesch op de Wee ze goen, fir dat ze kopéieren, wat en Nopeschland gemaach huet, do hunn ech Retizenzen. Och wann ech gesinn, datt de franséische Budget aus allen Noute fiert a mat engem ganz héijen Defizit ofschléisst, ass dat net onbedéngt de Problem vun der Prozedur, mä et ass och net onbedéngt d’Prozedur, déi zum équilibréierte Budget a Frankräich geféiert huet.

Ech sinn also dankbar fir déi Suggestiounen, déi komm si vun der Cour des Comptes an och där Proposition de loi vum Här Negri. Ech wëll lech soen, datt mer an der Regierungserklärung och stoen hunn, mir géifen iwwert d’Prozedur kucken. Ech sinn amgang och d’Prozeduren an e puer anere Länner ze kucken, fir sécherzestellen, datt mer e bësse méi Flexibilitéit aféieren innerhalb vun den Departementer. An déi Beispiller, déi hei d’Madame Brasseur ginn huet, och bei den Transferts de crédit, beweisen, datt mer heiansdo vläicht eng ze vill detailorientéiert bürokratesch Approche hunn.

Mä op där anerer Säit wëll ech évitieren, datt mer duerch ze vill flexibel Regeln dat Gesamtbild net méi ënner Kontroll behalen. Do den Équiliber fannen, dat ass eis Aufgab. A vläicht fanne mer u Modeller vun anere Länner an Europa, kombinéiert mat deene Suggestiounen, déi gemaach gi sinn, e méi moderne Wee, fir eise Budget opzestellen. De Budget ass vläicht haut ze vill detailléiert. Dat erlaabt heiansdo, méi en Iwwerbléck ze hunn iwwer eng Rei Dépenses, mä ech mengen et kann ee vläicht innerhalb vun den Departementer e bësse méi Flexibilitéit aféieren.

An et ass och esou, datt ech net mengen, datt de Finanzminister muss all Transfert de crédit, notament déi ënner enger gewëssener Zomm, am Detail approvüieren, an datt déi och musse vun der Chamber da gekuckt ginn. Mä do sinn ech gäre bereet, mat der Chamber eng Diskussioun doriwwer ze féieren, wann ech meng Viraarbechten e bësse méi wäit gemaach hunn.

Datselwecht gëllt fir dat, wat den Här Braz gesot huet betreffend d’Opstellung vun de Konten. Et huet effektiv kee Sënn, datt mir lech mat esou Dokumenter beliwieren. Dat brénge mer fäerdeg am Finanzministère, mä déi Informatioun liest herno kee méi.

Also, kommt mer kucken tëschent deem vläicht ze vill kuerze Projet de loi, wéi mer en elo eraginn, an deem, wat d’Chamber fir den demokrateschen Débat méi wëllt hunn, wat fir eng zousätzlech Informatioun gewënscht sinn, an ech sinn der Meenung, datt mer ouni Schwierigkeet dann och déi Informatioun kënne liwweren.

Generell apprécieieren ech, datt hei net fundamental d’Exekutioun vum Budget a Fro gestallt ginn ass. Ech fannen, et ass eng Logik, wann een de Budget net gestëmmt huet, datt ee sech da bei de Konten net kann op eemol hei zu enger Jubelstëmmung hiräisse loosse. Duerfir apprécieieren ech awer ëmsou méi, datt d’Opposition sech hei schéngt just ze enthalten an net géint déi Konte stëmmt.

Merci.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Finanzminister Merci. Domadder wiere mer um Enn vun eiser Diskussioun iwwert déi verschide Projets de loi a mir kéimen elo zur Ofstëmmung.

Fir d’éischt iwwert de Projet de loi 5591.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 5591 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5591 ass ugehall mat 38 Jo-Stëmmen, géint 21 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5591 est adopté par 39 voix pour et 21 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen? Dat schéngt mer net de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5740.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 5740 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5740 ass ugehall mat 38 Jo-Stëmmen, géint 21 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5740 est adopté par 39 voix pour et 21 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot).

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen? Dat ass net de Fall.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5891.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 5891 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5891 ass ugehall mat 39 Jo-Stëmmen an 21 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Norbert Hauptert), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall’Agnol).

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;



MM. Jean Colombera (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen? Dat ass net de Fall.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de leschte Projet de loi, wat d'Konten ubetrëfft, de Projet de loi 6058.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6058 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6058 ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmmen an 21 Enthalungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6058 est adopté par 39 voix pour et 21 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

8. 6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010 (suite)

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Statsbudget vum Joer 2010.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6100 iwwert de Statsbudget ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmmen, géint 21 Nee-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6100 est adopté par 39 voix pour et 21 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Raymond Weydert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon

Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Michel Wolter), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer zwou Motiounen. Fir d'éischt d'Motioun N°1 vum Här Gast Gibéryen.

Motion 1

Wëllt nach een dozou Stellung huelen? Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Ech hat gëschter déi zwou Motiounen hei deponéiert, a vu datt den Här Minister esou frëndlech war, fir Stellung dozou ze bezielen, géif ech och nach eng Kéier kuerz d'Wuert dozou huelen.

D'Motioun 1, do deelen ech net d'Meenung, déi den Här Frieden elo grad hei gesot huet. Den Här Frieden sot, hie géif all Mount an d'Finanzkommissioun kommen an do den aktuelle Stand vum Mount virdrun, wat d'Recettë vun de Steieren an esou weider géif ubelaangen, ofginn. Dat stëmmt. Dat ass souguer op Wonsch vun ons komm, well mir hunn d'lescht Joer hei bäi de Budgetsdebatten als ADR dat verlaangt, a mir hunn et duerno an der Finanzkommissioun verlaangt, an dat leeft och elo vun Ufank dëses Joers un.

Mä dat, wat mer hei an dëser Motioun verlaangen, ass vill méi wéi dat, wat mer bis elo all Mount kréien. Mir verlaangen hei zum Beispill och, datt all Mount net nëmmen d'Entwécklung vun den Hauptsteieren, déi de Stat erakritt, d'Finanzkommissioun kritt, mä mir verlaangen och hei, datt all Mount zum Beispill am Detail d'Entwécklung vun der Statstrésorerie matgedeelt gëtt. Mir soen, datt all Mount och soll de Stand vun der Dette publique vum Stat matgedeelt ginn, datt all Mount och soll matgedeelt ginn, wat op de Spezialfonge vum Stat steet.

Mir soen, datt och misst bei de Recetten, déi vum Stat bei der Steuer erakommen, net nëmme sollt gesot ginn: „Dat ass eng Recette fir dëst Joer“, mä si misst och ventiléiert ginn, wou gesot gëtt: „Déi setzt sech zesummen aus de folgende Steieren: Déi dote kommen nach aus dem Joer 2007, déi do kommen aus dem Exercice 2008“, esou datt een och ka feststellen, wat reell pro Exercice vu Steieren erakënnt, an net nëmmen ee Chiffer, deen op de Budgetsexercice gemaach gëtt.

Mir soen, datt och misst dosto, wat de Stat nach u Scholden ze bezuelen huet, souwuel wat d'Steierverwaltung wéi den Enregistrement vis-à-vis vun de Leit a vis-à-vis vun de Betriber ze bezuelen hunn, an och op där anerer Säit, wat de Stat respektiv seng Verwaltung nach vu Suen oder Steieren ze encaisséieren huet.

A wann een déi Chifferen do alleguer huet - ech mengen, wann dat permanent géif all Mount kommen -, da kann am Fong jiddwereen, net nëmmen an der Chamber,

mä all Mënsch am Land, sech eng genau Situatioun iwwert d'Statsfinanze maachen. Dat misst am Fong eppes ganz Normales sinn. An et ass jo och hei an der Debatt zum Budget quasi vun alle Säite gesot ginn, datt mer misst méi Informatiounen, méi Transparenz an d'Statsfinanze kréien.

Hei ass am Fong net méi an net manner wéi dat, wat mer alleguer soen a wat mer och musse kréien, well soss froe mer et all Mount iwwert de Wee vun enger Question parlementaire, wann et muss sinn, datt mer déi Chiffere kréien. Et schéngt mer awer eppes Elementares ze sinn, datt dat vun enger Regierung automatesch geliiwert gëtt.

Déi zweet Motioun, Här President, wat d'Gemengen ubelaangt: Do deelen ech och net d'Meenung vum Här Frieden, deen hei seet: „Mir müssen do nach mat de Gemenge kucken.“ Neen, do ass u sech näischt ze kucken, well all Gemeng stëmmt e Budget. Dee Budget kritt de Minister vum Intérieur eragereecht an dee Budget muss am Prinzip virum 31. Dezember gestëmmt ginn. An an all Gemengebudget gëtt et eng Tabell, wou eng Gemeng all hir Emprunten, wa se Emprunten huet, opféiert, op den 31. Dezember vun dem lafende Joer. An et steet och dran, wat se vun Emprunten dat nächst Joer envisagéiert opzehuelen, esou datt also den Innenminister déi Donnéeën alleguer den 31. Dezember am Prinzip a sengem Ministère muss dobannen hunn. E muss se just, wann en dat net kann informatesch maachen, ma da muss en eben e Beamten dohinner setzen, deen déi Kreditter zesummenzielt.

Dann hunn ech net gesot, datt dat muss direkt geschéien, mä mir hunn nach bis den 31. Januar Zäit gelooss, fir datt de Minister der Chamber einfach e globale Chiffer da matdeelt, wat d'Emprunté sinn.

Här Minister, ech hunn déi Motioun hei gemaach, well mer elo e puermol an der Finanzkommissioun den Här Innenminister do haten a mer hunn awer ni déi Chiffere kritt. Da sinn ëmmer aner Ursaache virgeschéckt ginn, mä mer hu se bis haut nach net kritt. An ech mengen, wa mer als Parlament soen: „Mir hätten déi doten elo gär bis den 31. Januar“, da wier dat wierklech näischt ze vill verlaangt. An ech mengen och, datt d'Chamber, wa se sech wëllt seriö huelen, dann deenen zwou Motiounen hei sollt zoustëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Wëllt nach een zu deenen zwou Motiounen schwätzen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da kéime mer elo zur Ofstëmmung. Fir d'éischt d'Motioun N°1 vum Här Gibéryen. Ass de Vote électronique gefrot? Kënne mer par main levée ofstëmmen?

► **Une voix.** - De Vote électronique.

► **M. le Président.** - De Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 1

De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass verworfen mat 36 Nee-Stëmmen géint 24 Jo-Stëmmen, a kenger Abstentioun.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 39 voix contre et 21 voix pour.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon

Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Christine Doerner), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel).

Da kéime mer zu der Motioun N°2 vum Här Gibéryen.

Motion 2

Ech huelen un, datt hei och de Vote électronique gefrot ass?

(Assentiment)

Vote sur la motion 2

De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. Och hei ass de Vote ofgeschloss.

Déi Motioun ass verworfen mat 39 Nee-Stëmmen, géint 20 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Ech wollt och nach de Vote iwwert de Budget redresséieren. De Projet de budget ass ugeholl mat 39 an net mat 38 Jo-Stëmmen.

Da kéime mer elo nach zum Schluss vun eiser Sitzung zu der Motioun vum Här Bettel. Wie wëllt dozou Stellung huelen? Den Här Bettel huet d'Wuert.

9. Motion de M. Xavier Bettel relative à la création du groupe de travail interinstitutionnel prévu par le programme gouvernemental pour discuter de l'implication, du rôle et des pouvoirs du Conseil d'État

Exposé

► **M. Xavier Bettel** (DP), auteur.- Här President, wéi gesot, virdru sinn ech ganz kuerz op d'Motioun agaangen. Wéi Der wësst, gëtt elo eng Plaz nom Départ vum Alain Meyer am Statsrot fräi. Ech mengen, de Statsrot ass selbstverständlech eng Instanz, déi eng ganz wichteg Roll huet an eiser Procédure législative. An den Här Frieden huet et och a sengen Aussoe gesot, dass an der Regierungserklärung eppes doriwwer géif stoen. Ech zitieren och: «certains aspects de la procédure législative, la communication des textes, les délais des oppositions formelles» géife gekuckt ginn, an dass do e Rapport soll Fin 2010 sinn.

De Fait ass awer, déi Leit gi genannt fir 15 Joer. An dat representéiert net d'Bild vun